N°600
Entrée le 23.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet an sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 600 vum 12. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi eng Medikamenter, déi a lëtzebuergeschen Apdikten akaf kënne ginn, si vun enger Kontingentéierung betraff?*

Déi pharmazeutesch Betriber hunn déi legal Obligatioun der Division de la Pharmacie et des Médicaments vun der Gesondheetsdirektioun d'Indisponibilitéit vun engem Medikament, souwéi och d'Ursaach dovu matzedeelen. Allerdéngs ginn d'Firmaen d'Kontingentéierung net explizit als Ursaach vun enger Indisponibilitéit un. Dowéinst ass et net méiglech Informatiounen zu dësem Thema ze ginn.

D'Kontingentéierunge si vu pharmazeutesche Laboratoiren ufanks den 2000er Joren agefouert ginn, mam Ziil de Flux vu verschiddene Produkter ze optimiséieren. Bei der Kontingentéierung berechent d'pharmazeutesch Industrie sou genau wéi méiglech d'Produktioun an d'Quantitéit déi an all Land ausgeliwwert gëtt, an dat op Basis vum Verkaf vun de leschte Joeren.

*2. Wéi vill vun dëse Medikamenter konnten an de leschten 12 Méint zu engem gewëssen Zäitpunkt net méi Verkaf ginn, well de Kontingent opgebraucht war? Op wéi engem Datum waren dës Kontingenter pro Medikament pro Mount jeeweils erschöpft?*

Aus den Informatiounen déi vun de pharmazeutesche Betriiber matgedeelt ginn, ass et net méiglech Konklusiounen ze zéien ob eng Onverfügbarkeet vun engem Medikament op d'Kontingentéierung zeréck ze féieren ass.

*3. An der Äntwert op d'parlamentarescher Fro N°3024 vun 2009 hat d'Regierung gesot, dass et bei lëtzebuergesche Verkafszuele wéinst dem verhältnisméisseg klengen Effectif zu prozentual héije Schwankunge kéint kommen, déi dozou féiere géifen, dass d'Zuele vun de d'Kontingentéierungen net ëmmer richteg op de Lëtzebuergesche Marché passen. Wat gouf säitdeem gemaach, fir mat dësem Problem besser ëmzegoen?*

Am Joer 2009 waren d'Previsioune fir d'Verdeelung vun deene verschiddene Produzente baséiert op Daten zum Verkaf vun hire Produkter duerch Grossisten, déi d'Apdikten an de verschiddene Memberstaate beliwweren. Dës europäesch Prognose waren net onbedéngt passend fir e klenge Maart wéi Lëtzebuerg.

Zënterhier ass de Maart gewuess, huet sech erweidert, an d'Datesammlung ass méi präzis ginn. Pharmazeutesch Firmen hunn Zougang zu méi präzisen an zouverlässegen Donnéeë fir hir Fabrikatiouns- a Verkafsprevisiounen ze maachen, besonnesch duerch d'Zréckgräifen op Servicer vu spezialiséierte Firmen, déi "Maartinterpretatiouns- an Datenanalysesystemer" ubidden, déi op der Kräizung vun Donnéeë baséiert sinn déi am ganze Land gesammelt ginn.

D'Estimatioune vun de Besoine vu Medikamenter déi op viirechte Vente baséiere ginn awer net duer fir d'Bedierfnesser ze decken am Fall vun aussergewéinlech héijer Nofro (z.B. saisonal Epidemie déi méi schwéier wéi erwaart ausgefall ass) oder am Fall vun engem Fabrikatiounsproblem (z.B. Mangel u Rohmaterial no engem gréissere Virfall).

Dofir si rezent op europäeschem Niveau verschidden Dispositiver en place gesaat gi fir eventuell Indisponibilitéitsproblemer vu Medikamenter besser ze antizipéieren, onofhängeg vun der Ursaach vun der Indisponibilitéit.

*4. Wéi eng Beméiungen si geplangt oder goufe vun der Regierung ënnerholl, fir ze verhënneren, dass kontingentéiert Medikamenter temporär an den Apdikten net méi ze kréie sinn?*

D'Division de la Pharmacie et des Médicaments vun der Gesondheetsdirektioun huet am Januar 2022 e Comité de pilotage an d'Liewe geruff dee sech mat der Ausschaffung vun engem nationale Plang fir d'Gestioun vun den Indisponibilitéite vu Medikamenter an aner Gesondheetsproduits beschäftegt. Ee vun den Aarbechtsgruppe widmet sech dem Thema Kontingentéierung.

Nieft de kommerziellen Iwwerleeunge vun enger Kontingentéierung ass et wichteg fir sech mat allen Acteuren aus dem Circuit vun der Medikamenteverdeelung auszetauschen, fir d'Disponibilitéit vu kritesche Medikamenter ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez